# Déi aktuell Erasmus Projeten fum ECG

## Mobilitéit vun den Enseignanten

Zwee Leit hunn nach t'Méiglechkeet fir eng Formatioun oder e Jobshadow  am Ausland ze maachen.

Wann der interesséiert sidd, frot no, der kennt iech och selwer e Bild maachen iwwert all déi Formatiounen déi ugebueden ginn:

https://www.schooleducationgateway.eu/fr/pub/teacher_academy.htm

Dëse Projet dauert bis den 29. September 2021.

## Mobilitéit am Kader fum BTS

Maximal 4 BTS Studenten hunn t'Méiglechkeet eng Bourse ze kréien fir hiren Stage vum Februar 2021 bis Juni 2021 am Ausland ze realiséieren.

Et besteet och t'Méiglechkeet dass Enseignanten fum BTS e Jobshadow an enger Héichschoul maachen.

# Projeten déi mer zesummen mat Schoulen aus dem Ausland realiséieren: Mobilitéiten fun Schüler a Begleedung fun Enseignanten

## → Projet EURO: bis den 29 Abrëll 2022

Bei dësem Projet steet den Euro am Mëttelpunkt. T‘‘Schüler ginn der Fro no, wéi eng gemeinsam Wärung kann zum Zesummenhalt fun der Unioun beidroën, an wat sech fir t’Populatioun kann änneren duerch eng gemeinsam Wärung.

Fréijoer 2021 zu Lëtzebuerg

Hierscht 2021 zu Lipari, Italie

Fréijoer 2022 zu Racibórz, Polen

## → Projet ENTREPRENEURIAT: bis den 14 September 2022

T’Schüler an t’Enseignanten hunn t’Geleeënheet ze gesinn wéi den esprit entrepreneurial an aner Länner gefördert gëtt an wéi t’Mini-Enterprisen an aneren Schoulen ugepaakt ginn: fun der Iddie, iwwert t’Produktioun bis zum Marketing.

Mäerz 2021 zu Kohila, Estland

Mai 2021 zu Lëtzebuerg

Oktober 2021 zu Split, Kroatien

Mäerz 2022 zu Targu Mures, Rumänien